ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Här Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 7. Juni 2016

M O T I O U N

D'Deputéierte-Chamber

ass sech bewosst

- datt de fräien Handel eng eminent wichteg a meeschtens positiv Roll an der Welt spillt an dat eng oppen Economie wéi déi lëtzebuergesch de fräien Handel onbedéngt brauch fir sech kënnen ze entwéckelen an onsem Land Wuelstand a soziale Fortschrëtt ze garantéieren;
- datt d'Organisatioun an d'Reglementatioun vum weltwäiten Handel eng wichteg diplomatesch Aktivitéit ass;
- datt et wichteg ass, datt Länner a Staatenorganisatiounen hir national a regional Interessen an esou Verhandlunge kënnen efficace vertrieden a respektéiert gesinn;
- datt vill kleng a mëttelgrouss Betriber de Motor vu Wuesstem, Fuerschung a vu nei geschaaften Aarbechtsplaze sinn, besonnesch och zu Lëtzebuerg, an dat et dowéinst wichteg ass deenen Entreprisen en einfachen a fairen Zougank zu grousse Mäert ze garantéieren;
- datt international Handelsverträg sollen esou verhandelt ginn, datt keng negativ Auswierkungen op d'Gesondheet, de Liewensstandard, d'Sécherheet oder d'Rechtsuerdnung ze erwaarde sinn;
- datt all concernéiert Acteure wéi och d'Zivilgesellschaft an Europa sollen a Froe vum Aarbechtsrecht, vun der Gesondheet, vun der Ëmwelt, vun der Kultur an esou virun, gehéiert ginn;

ass sech och bewosst:

- datt e puer ganz wichteg Handelsofkommen a besonnesch den CETA mat Kanada an den TTIP mat de Vereenegte Staaten vun Amerika – den nach verhandelt gëtt - op eng ganz Rei vu fundéierte Kritike stoussen;
- datt nach ëmmer keng Garantien do sinn, datt an der EU den TTIP als "accord mixte" agestuft gëtt;

Verlaangt dowéinst

- datt d'Regierung virun all Decisioun iwwer d'Verhandlungsresultater beim TTIP an allen europäesche Gremien an deene Lëtzebuerg vertrueden ass, d'Chamber informéiert;

- datt d'Regierung keng Zousoen an europäesche Gremien iwwer d'Verhandlungsresultater vum TTIP mécht ouni dofir am Virfeld e Mandat vun der Chamber kritt ze hunn;

- datt d'Regierung zu all Ableck an den europäesche Gremien muss drop insistéieren, datt den TTIP en "accord mixte" ass a keng Decisioun akzeptéiert déi géing mat sech bréngen, datt déi national Parlamenter den TTIP net missten zu enger eventueller Ratifizéierung virgeluegt kréien.